



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Environnement, du Climat  
et de la Biodiversité

**Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°1482 vum 7. November 2024 vum éierewäerten Députéierten Här Sven Clement iwwert "Écrevisse américaine"**

**1. Ass der ANF de Problem vun der ëmmer méi staarker Ausbreedung vum amerikanesche Sumpfkriibs bekannt?**

Jo.

**2. Huet der ANF Pläng, wéi si wëll doru schaffen, d'Verbreedung vum amerikanesche Sumpfkriibs anzedämmen an esou eis Ökosystemer besser ze schützen?**

Jo.

**Wa jo, kënnen heizou Detailer genannt ginn?**

Am Kader vum europäesche Reglement (UE N° 1143/2014) zur Präventioun an der Gestioung géint eng Verbreedung vun invasiven net-heemeschen Aarten ass een Aktionsplang (<https://environnement.public.lu/dam-assets/documents/natur/biodiversite/paeee-procambarus-clarkii-consultation-publique.pdf>) fir d'Andämmung vun der Ausbreedung vun dëser Aart ausgeschafft ginn. Fir dee Plang ass d'*consultation publique* ofgeschloss an déi final Versioun wäert deemnächst publizéiert ginn.

Am Fréijoer 2024 huet de *Luxembourg Institute for Science and Technology* (LIST) ee Monitoring-Pilotprojet zum Noweis vun invasiven net-eeheemeschen Aarten op Basis vun Ëmwelt-DNA lancéiert an deem de Sumpfkriibs eng vun den Zilaarten ass. Am Summer 2024 goufe 5 Gewässer beprooft fir dës Methodik ze entwéckelen an ze validéieren. Et ass virgesinn 30 Gewässer am Fréijoer 2025 an dësem Kader ze analyséieren fir de Wëssensstand iwwert d'Verbreedung vun invasiven net-eeheemeschen Aarten, dovunner .a. de Sumpfkriibs, ze verbessern.

**Wa nee, firwat net?**

/

Lëtzebuerg, den 9. Dezember 2024  
(s.) Serge Wilmes  
Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit